Contribution du doyenné « Zentrum »

**Comment être une Eglise synodale en mission**
**Réponse Doyenné « Zentrum » Jean-Jacques Flammang, Romain Richer et Regina Hüneke**

1. Eng missionarësch Kierch ass eng Kierch déi den Optrag vum Jesus, aus alle Mënschen Jünger ze maachen, bestänneg virun Aen behält. Strukturen, déi de Kontakt mat dem Evangelium fërderen an Resultater vum Austausch festhalen, mussen fir all d'Nivoen vun der pastoraler Aarbecht opgebaut ginn. D'Kierch muss sech bewosst sinn, datt si mat Jesus de Wee mëcht, a mat him d'Mënschen kontaktéiert an usprëcht.

2. Wa mir eng missionarësch Kierch wëlle sinn, da misste mir eist Schaffen iwwerdenken. D'Büro-Aarbicht/ d'Administratioun dierf net iwwerhand gewannen.

3. Doraus resultéiert, datt mir einfach **méi Zäit fir d'Leit** musse kënnen hunn. An do ass et wichteg, datt mir net exklusiv denken, mä kucken, wou eis Matmënsche stinn an se do ofhuelen wou se ebe stinn. Mir mussen eraus, esou wéi de Poopst Franziskus et jo och seet. Mir mussen äis trauen dohin ze goën, wou et vläicht och munchmol onbequem fir äis ass.

4. Et brauch e Verständnis fir d'Kultur an d'Sprooch vun der jeweileger Gesellschaft an Zäit. Mir musse léieren **de Message vu Jesus Christus an eis heiteg Zäit eranzedroën, mat och mol neie Weeër a Methoden.**

5. Wa mer eng missionarësch Kierch wëlle sinn, da mussen d'Fähegkeete vun den eenzelne Membere vill méi gewürdegt an respektéiert ginn. Wéi gesäit et zum Beispill mat der Leedung vun enger Poar aus? Do ass jo schons de Gedanken, datt de Pastoralrot eng méi wichteg Bedeitung wäert kréien. **D'Leedung soll also net just vun enger Persoun/ Équipe, déi vu baussen an eng Poar genannt gëtt, garantéiert ginn, mä mat de Leit aus der jeweileger Gemeinschaft zesummen.**

6. Eis Aufgab als pastoral Mataarbéchter ass et, de Leit Gott ze bréngen, datt si Hie kenneléieren, resp. hinnen ze hëllefen, mat Him a Relatioun ze kommen. Wéi a wou Gott erliewen am Alldag, eisen Uertschaften a Paren? Propose: Opbau / Ennerstëtzung vu Klénggruppen, an deene regelméisseg mateneen gebied an iwwer de Glawen ausgetosch gëtt; wou duerch en Input vu baussen e Wuessem am Glawen geschéie kann. Als Virbild kënnen d'Hauskierchen vun der Urkierch déngen, wou de Glawen ganz praktesch gelieft ginn ass.

Contribution de Patrick Muller à l'échange du Conseil des Doyens du 26.02.24

La question posée est : « Comment être une Église synodale en mission ? »

1. Au niveau de l'Église locale qui est à Luxembourg, j'observe que depuis le lancement du Synode en octobre 2021, les institutions synodales au niveau diocésain mais aussi paroissial deviennent de plus en plus vivantes. Je pense concrètement au conseil pastoral diocésain qui a été appelé à la vie par notre archevêque le 19 avril 2022 et à qui incombe d'accompagner tout particulièrement le processus synodal dans notre archidiocèse. D'autre part, le Conseil épiscopal, le Conseil presbytéral ainsi que le Conseil des doyens au niveau diocésain continuent et développent davantage les échanges et les réflexions de façon synodale. Au niveau paroissial, les conseils pastoraux un peu endormis dans certaines paroisses reviennent à la vie et notamment dans les assemblées décanales se réunissent et se présentent les uns aux autres dans un échange fructueux. C'est la synodalité vécue au niveau décanal et paroissial.

2. Se mettre en route pour trouver des membres des conseils pastoraux paroissiaux est déjà en quelque sorte une activité missionnaire, car il fallait aller vers des personnes parfois peu connues pour les demander et les motiver de participer à ce conseil. Il peut en résulter une plus grande communion tant au niveau des paroisses qu'au niveau du diocèse. J'encourage non seulement au niveau structurel, mais aussi au niveau personnel tous et toutes à aller vers des personnes qui n'appartiennent pas au « inner circle » de l'Église , lorsque l'occasion se présente.

3. D'un autre côté, continuons à faire des efforts au niveau de l'accueil des personnes qui se tournent vers l'Église, notamment en des moments existentiels comme la naissance et le baptême, la catéchèse, la première communion, la confirmation, le mariage et aussi au moment de la maladie, dans les hôpitaux et les maisons de retraite et lors du décès avec des funérailles religieuses.

4. Dans notre Église, le Pape dit qu'il y a de la place pour tous. Le Seigneur Jésus nous envoie vers tous les hommes pour faire des disciples, comme il a dit à la fin de l'Évangile selon saint Matthieu: « Allez ! De toutes les nations faites des disciples : baptisez-les au nom du Père, et du Fils, et du Saint-Esprit, apprenez-leur à observer tout ce que je vous ai commandé. Et moi, je suis avec vous tous les jours jusqu'à la fin du monde. »

**Dechensrot, 26. Februar 2024**

**Tous disciples – tous missionnaires Bäitrag zur Synodenetapp 2024**

1. **Gemeinschaft a Partizipation**

**Gott schuf also den Menschen als sein Abbild. Als Mann und Frau schuf er sie. Gen 1, 26 ff**
Eng synodal Kierch denkt de Mënsch als Fra a Mann vun Ufank un: ebenbürteg a gläichwäerteg vu Gebuert un. Hinne gouf d'Welt zesummen uvertraut.
**Denn ihr alle habt Christus als Gewand angelegt. Gal 3, 27.28**
Mir sinn eng synodal Kierch, wa mir Respekt weise virun derselwechter Wuerd vun all Mënsch, Fra oder Mann, a virun all Beruffungen, déi aus derselwechter Daf a Firmung kommen.
Esou kënne mir all eiser Missioun fir d'Mënschen a fir d'Welt als Jüngerinnen a Jünger an als Missionarinnen a Missionare vun der gudder Botschaft vu Jesus Christus gerecht ginn.

Konkret am Dekanat. d'Koordinatioun vun de Paren am Dekanat geschitt am Team (Tandem, Triaden oder Quartett) zesummen mat den synodale Gremien an de Paren (Kiercheréit, Pastoralréit, engagéiert Gruppen) Fraen a Männer droen zesummen Verantwortung.

2. **Missioun an Diakonie**

**Glaube, Liebe, Hoffnung (1 Kor 13)**
Mir sinn eng synodal a solidaresch Kierch a kënnen äis Missioun verwierklechen, déi frou an hoffnungsvoll Botschaft vu Jesus Christus ze verkënnegen, wa mir äis mateneen an ënnertenee vernetzen, fir äis géigesäiteg besser ze ënnerstëtzen, de Glawen ze liewen duerch d'Wierker vun der Léift.

**Seid barmherzig, wie auch euer Vater barmherzig ist (Lk 6, 36)**
Mir erfëllen äis Missioun als synodal Kierch, wa mir d'Barmhäerzegkeet vu Gott ënnert de Mënschen an an eiser Welt erliefbar maachen, andeem mir zesummestinn am Engagement fir méi Gerechtegkeet a Wuel fir all Mënschen.

Konkret am Dekanat: Duerch Projet'en vum soziale Wunnengsbau versichen d'Gemeinschaften aus dem d'Dekanat konkret hirem Optrach gerecht ze ginn, de Glawen mat Häerz an Hand ze verkënnegen a sech géigesäiteg doran ze ënnerstetzen an dem sie sech vernetzen a ganz konkret Ressourcen mateneen deelen.

3. **Pastorale a Missioun (in sozialen Räumen)**

**Geht hinaus in alle Welt … Mt 28, 19**
Zitat von Johannes Först aus *Anzeiger für die Seelsorge*: Nicht die Identifikation der Menschen mit dem klassischen, jährlich wiederholten Seelsorgeprogramm der Pfarreien ist gefordert, sondern die solidarische Identifikation der Pfarreien mit den existentiellen Themen der Menschen.

Eng synodal Kierch, déi hirer Missioun och a Zukunft wëll gerecht ginn, muss erausgoe bei d'Mënschen, do wou si liewen a schaffen, wou si feieren an traueren, wou si sech engagéieren a wou si no Hëllef sichen oder a Nout gerode sinn.

Konkret am Dekanat: Dësen Optrach musse mir nach méi konkret ëmsetzen an enger Liturgie, déi verständlech ass, an enger Wëllkommkultur, déi d'Leit do ofhëllt wou si stinn, wëll mir bei si ginn an hir Situatioun emmer besser kennen a respektéieren.

Duerch Oasen a „geistige Zentren", duerch Formatioun an d'Vielfalt vu Gottesdéngschter a Liturgie: WoGoDi; Taizé, Anbetung, Rousekranz, Familljemass, Jugendmass, Katechesen fir Familljen a fir Kanner, Gespräichsgrupp „Gott und die Welt", Emmaus-Gottesdéngschter, duerch Krankebesich an d'Pastorale des Funérailles an d'Pastorale an de Maisons pour personnes agées, versiche mir de Leit eng spirituell Beheimatung am chrëschtleche Glawen an an hirem Liewensëmfeld méiglech ze maachen.

Dekanat Süden-Ost
Edmond Ries
Christine Bußhardt